



Groupe parlementaire

N° 7206  
Entrée le 17.11.2022  
Déclarée recevable  
Président de la Chambre des Députés  
(s.) Fernand Etgen  
Luxembourg, le 17.11.2022

Här Fernand Etgen  
Präsident vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg de 17. November 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Familljeminister weiderzeleeden.

Och zu Lëtzebuerg gëtt et eng grouss Zuel vu Leit mat spezifesch Besoinen. Dozou gehéiert dacks och e separaten Zougang zu der Kommunikatioun, notamment d'Gebäerdesprooch am mëndleche Beräich a Piktogrammer am schrëftleche Beräich. Leider mangelt et an deem Beräich awer staark u qualifiziertem Personal, och well ville Leit déi eenzel Berufsméiglechkeete guer net bewosst sinn.

An deem Zesammenhang géif ech der Madamm Familljeminister gär dës Froe stellen:

- 1) Wéi eng weider Moosname gesäit d'Madamm Minister während dëser Legislaturperiod nach vir, fir déi ëffentlech Kommunikatioun vum Staat (Ministèren, Verwaltungen asw.) sou wäit wéi méiglech souwuel a Gebäerdesprooch, wéi och a liichter Sprooch zougängelech ze maachen?
- 2) Wéi eng Moosname gesäit d'Madamm Minister während dëser Legislaturperiod nach vir, fir déi eenzel Institutiounen vu Staat a Gemengen sou wäit wéi méiglech fir d'Noutwennegkeet vu Piktogrammen ze sensibiliséieren?
- 3) Wéi eng Moosname gesäit d'Madamm Minister während dëser Legislaturperiod nach vir, fir de Beruff vum Iwwersetzer am Beräich vun der Gebäerdesprooch méi staark wéi bis ewell ze promovéieren?
- 4) Gesäit d'Madamm Minister vir, fir nach während dëser Legislaturperiod eng verstärkt Kooperatioun mam Klaro anzegoen?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup  
Deputéierten